

Rapport iwwert EM an Portugal genau zu Coruche

Juli 2022

An der Equipe waren Arnaud Laermans, Michael Gil, Romain Koenig, Romain Zwick, Serge Jadin an Pit Conrady, als Begleeder Yan Wallerich, Vally Raach, Roberto Gil a meng Wéinegkeet.



Ausgemaach wor dass Material mat dem Pit senger Camionnette, déi gratis zur Verfügung wor, op Platz gefouert ginn ass. Den Job hunn ech mer mam Roberto gedeelt, dofir nach e grouse Merci. Den Romain Zwick an den Arnaud hunn sech dat 2. Gefier gedeelt, an de Rescht vun der Equipe huet sonndes de Flieger geholl, an hunn sech mat zwee gelounten Autoen op de Wee no Coruche gemaach. Sonndes de 19 Juni konnten mir no 2300 km eist Quartéier bezéien, dat super lung, direkt op der Streck, eng Saach déi vun Virdeel wor fir mech, konnt alles per Pedes maachen.

Den 23. nom Zoudeelen vun den Boxen, do déi éischt Iwwerraschung, nëmmen 11 Natiounen présent an zwar nëmmen déi Bescht. Fir all Training wor ausgemaacht dat ee Fëscher géing ewech bleiwen, dësen huet sech dann un eng vun deenen gudden Mannschaften gehalen fir e Maximum vun Infoen ze sammeln, sou ass dann déi ganz Woch duerchgezunn ginn. Wou awer all Dag een oder den aneren Fëscher eng méi schéin Bourriche hat, muss soen dass ganz

vill zesummen geschwat an geschafft ginn ass, an mir hunn versicht all Infoen
ëmsetzen, am Nachhinein villäicht ze vill .



Samschdeg 1. Manche, déi Erkenntnisser vun der Woch sou gutt ewéi méiglech
ëmsetzen an kucken wat eraus kënn. Bon d' Resultat war net erfreulich an eng
11. Platz koom eraus.

Fir sonndes huet de Jadin Serge dem Arnaud seng Platz iwwerholl, en plus haten
mir d' Chance een vun de Käpp beim Tirage ze kréien den E11 den awer wéinst
dem staarken Wand fir den Romain Zwick net einfach ze fëschen war an 8
Punkten kouden eraus, ech muss awer soen dass wärend der ganzer Woch

ëmmer e strammen Wand geblosen huet. Bon dat wor awer fir jiddereen dat selwecht. Sonndes huet de Pit eng gutt Manche gefëscht mat 7 Punkten an de Serge mat 8 Punkten, dat ass eng Saach wat mer ze denken gëtt. Mam Reserve-Fëscher den d' Office per Reglement festgeluecht ass, nach sinn ech der Meenung dass een op der Platz gesäit wou een drun ass, do sollen mer als Comité mol doriwwer no denken! Enner anerem mat der jorelaanger Grondelfëscheri geet dem Fëscher sou munches verluer.

Bon ech sinn vläit spéit un mat mengem Rapport an soen heimadder all Member vun der Equipe op Fëscher oder Betreier merci fir hiren Asaz op sportlechen an finanziellen Plang.



PS. Resultater sinn jo schonns säit längerer Zeit bekannt.

De Jeff